

déi Lénk

Pressematdeellung

Lëtzebuerg, den 22. September 2022

Finanzéierung vun de Krise-Mesuren

Eng temporär Krise-Steier fir eng wierklech Solidaritéit !

Fir eng wierklech solidaresch Finanzéierung vun de Krisemesuren, fuerderen déi Lénk, datt déi verméigend Klasse vun der Bevëlkerung an déi grouss Entreprisë méi an d'Verantwortung geholl ginn.

Mir proposéieren dofir eng **temporär Krise-Steier fir Stéid mat héijem Revenu vu 15%**. Betraff wäeren an eise Modell Persounen mat engem järeleche Revenu imposable vun iwwer 150.000 Euro (Steierklass 1). Fir dat fiskaalt Joer 2022 géif all Euro u Revenu imposable iwwer 150.000 Euro mat enger zousätzlecher Krisesteier vu 15% beluecht ginn. Bei 160.000 Euro beispillsweis, wat engem Netto vu ronn 8.800 Euro pro Mount entsprécht, wäeren dat also 1.500 Euro zousätzlech fir dat ganz Joer 2022. Bei der Steierklass 2 géif de Seuil bei 300.000 Euro leien. Des temporär Steier géif just ronn 3% vun de Menagen treffen, awer substantiell zousätzlech Recette erabréngen.

Parallel dozou fuerdere mer eng **temporär Krisesteier fir grouss Entreprise vun 15%** fir d'Joer 2022. Hei géif fir all Euro u besteierbarem Akommes iwwer 200.000 Euro ebenfalls mat enger zousätzlecher Krisesteier vu 15% besteiert ginn. Déi grouss Entrepreneuren, déi trotz de Krisenzäite Beneficer maachen, géifen also mat enger méi héijer Contributioun un de Staat d'Efforte vun der öffentlecher Hand ënnerstëtzen.

Duerch des zwou Mesurë kéint de Staat d'Krisemesuren vun dësem Joer géigefinanzéieren. Nei Staatsschulde maachen ass fir eis just déi zweetbescht Optioun. Déi besser Alternativ ass, déi verméigend Klassen am Land méi an d'Verantwortung ze huelen. Sollt sech d'Situatioun 2023 net substantiell verbessern, kéinten des temporär Mesuren d'nächst Joer verlängert ginn.

Eng strukturell Steierreform ass batter néideg

Donieft wäerten déi Lénk sech och weiderhin asetze fir eng **strukturell Steierreform**, déi endlech déi grondsätzlechen Ongerechtegkeeten am Lëtzebuurger Steiersystem upaakt. Mir fuerderen ënnert anerem eng grondsätzlech Reform vun der Steiertabell mat enger Offlaachung vun der Progressivitéit bei deenen niddrege Revenuen an enger substantieller Erhéijung vum Spëtzsteiersaz. De Barème soll och automatesch un d'Inflatioun ugepasst ginn. Donieft fuerdere mir, datt d'Räichesteier (impôt sur la fortune) fir physisch Persounen nees agefouert gëtt an datt Plus-Valuen op Immobilien, Plus-Valuen op Finanzprodukter an de Revenu aus Dividenden integral no der Steiertabell besteiert ginn. Och de Kierperschaftssteiersaz an d'Taxe d'abonnement mussen no uewen ugepasst ginn.
